ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
01 JUIL. 2019
851

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juli 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Broschür « *Maltraitance de Mineur - Procédures à suivre par les professionnels de l'Enfance et de la Jeunesse* » (vum *Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*; dem *Ministère de la Justice* an dem *Ministère de la Santé*) déi am Ufank vum Schouljoer 2018-2019 un d'Léierpersonal am Fondamental verdeelt ginn ass, sinn eng ganz Rei Uweisungen opgezielt, un déi d'Léierpersonal sech am Fall, wou e Kand Affer vu Gewalt a Mëssbrauch ginn ass, hale muss. Dobäi geet et awer esou gutt wéi nëmmen ëm Gewalt oder Mëssbrauch, deem d'Kand an engem ausserschouleschen, z.B. familiären Ëmfeld zum Opfer gefall wier.

An deem Kontext wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen :

1. Ginn et och esou Instruktiounen a Pisten, déi d'Léierpersonal befollege muss, am Fall wou e Kand Affer vu Gewalt an der Schoul gëtt, z.B. wann e Kand ënner dem physeschen oder psychesche Mëssbrauch ze leiden huet, dee vun engem anere Kand ausgeet ?
2. Wat kann an der Primärschoul (Fondamental) konkret ënnerholl ginn, fir den Affer vu Gewalt ze hëllefen?
3. Hu Kanner, déi Affer vu Gewalt an der Schoul ginn, en Angebot vu gratis Hëllef, déi sech direkt un d'Affer riicht? Wa jo, wéi eng Form huet déi Hëllef?
   Wa jo, ginn d'Elteren iwwer déi Méiglechkeeten informéiert ? A wéi enger Form?
4. Wann et där Hëllefe ginn, wéi dacks goufen se an deene leschte Joren an Usproch geholl? Wien huet se kontaktéiert?

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

5. Wien entscheet, ob verschidde Moossname fir eng Situatioun an der Klass ze verbesseren, kënne geholl ginn? Am Fall wou Léierpersonal sech dogéint wiert, déi Moossnamen ze ergräifen, kënnen se da vun der Direktioun aus imposéiert ginn? Hunn d'Elteren e Matsproocherecht oder gi si gehéiert, wann et drëm geet, fir hir Kanner a Gewalt- oder Mëssbrauchssituatiounen ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 27 septembre 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 851 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Déi vum honorabelen Deputéierte genannte Broschür reegelt Fäll, wou en Agent vum Staat Kenntnis kritt vu Faiten, déi reprehensibel sinn um penale Plang, méi präzis handelt et sech ëm Fäll vu Gewalt géint Mannerjäreger an ëm Fäll, wou d'Wuel vum Kand kompromettéiert ass. Dës Broschür gesäit vir, datt den Agent dëst ze mellen an e Signalement beim Parquet ze maachen huet. Dës Demarche ass onofhängeg dovunner, ob dës Gewalt am ausserschoulechen oder am schoulesche Kontext stattfonnt huet, d'Prozedure bleiwen déi selwecht. Et handelt sech hei em eng Problematik, déi net ausschliisslech d'Schoul, mee déi ganz Gesellschaft betrëfft.

Et soll een drop Uecht ginn, fir an dësem Kontext net Begrëffer an ënnerschiddlech Situatiounen ze vermëschen an dës ënnert dem Begrëff "Gewalt" ondifferenzéiert ze regroupéieren. Net an all Fäll muss d'Justiz ageschalt ginn. A Fäll vun Ausbréch oder Reaktioune vu Kanner mat Verhalensopfällegkeeten handelt sech an der Reegel net ëm Situatiounen, an deenen déi physesch oder déi psychesch Integritéit vun de Matschüler a Gefor ass. Am Fall, wou dat sollt geschéien, ass et kloer, datt dann e Signalement bei der Justiz muss gemaach ginn.

Den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) bitt reegelméisseg geziilt Formatiounen un, déi d'Enseignanten outilléieren, fir am Fall vu Gewalt an der Schoul léisungsorientéiert ze reagéieren. Zu der diversifizéierter Formatiounsoffer vum IFEN zielen och d'Supervisiounen, déi et den Enseignanten erlaben, an der Schoul eng konkret Hëllefstellung ze kréien, fir d'Prise en charge vun de Schüler ze optimiséieren.

Des Weideren ënnerstëtzt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend och Projete wéi ënnert anerem "Stop Mobbing", "Peace Force" oder "Bee secure". De Kontakt mat de Persounen, déi am Kader vun dëse Projete matwierken, erlaabt et den Enseignanten, nei Pisten ze degagéieren, fir am Fall vu Gewalt an der Schoul efficace ze reagéieren. Och sinn am Kader vun eenzelne Projeten op Ufro vun der Schoul hin direkt Interventiounen an de Klasse virgesinn, fir datt eenzel Problematike vun héich spezialiséiertem Personal kënnen ugepaakt a geléist ginn.



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-00188-2004816-FR

**Ad 2 + 3)**

Um lokalen a regionale Plang intervenéieren an de Lëtzebuerger Grondschoulen Educateur-graduéen an den "Instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques" (I-EBS), déi fir all d'Kanner eng wichteg Bezuchspersoun duerstellen, un déi si sech, nieft hirem Titulaire, zu all Moment bei Bedarf kënne wenden. Um regionale Plang kënnen d'Équipe pédagogique oder d'Elteren un d'ESEB eruntrieden, wann d'Mesuren, déi vun der Schoul organiséiert goufen, hirer Aschätzung no net wäit genuch ginn.

Doriwwer eraus huet den Office national de l'Enfance (ONE) d'Méiglechkeet, iwwert seng Prestatairë Mesuren zur Betreiung vu Kanner, déi Affer vu Gewalt waren, unzebidden, sief et duerch eng Decisioun vum Riichter oder op Ufro vun den Eltere respektiv dem Jugendlechen. Extern spezialiséiert Servicer, déi net Prestataire vum ONE sinn, bidden och therapeutesch Behandlungen un, déi direkt iwwert den ONE kënnen ugefuerdert ginn.

An der obligatorescher Eltereversammlung virun der Allerhellegevakanz ginn d'Eltere vum Titulaire de classe iwwert déi eenzel lokal a regional Offeren informéiert a ginn dee Moment och iwwert déi eenzel Uspriechpartner a Kenntnis gesat. Während dem Schouljoer kënnen sech d'Elteren an éischter Linn un den Titulaire de classe wenden, deen hinne kontextgebonne geziilt weider Informatiounen zu de Ressourcen, déi um Terrain intervenéieren, an de vun der Schoul ëmgesate Projeten ka ginn.

**Ad 4)**

Vu datt Kanner, déi Opfer vu Gewalt am schoulesche Kontext goufen, op ënnerschiddlechen Niveaue vun diversen Intervenanten encadréiert ginn a vu datt hei d'Prise en charge ganz staark vun engem Cas de figure zum anere variéiert, léisst sech d'Unzuel vum Total vun den Hëllefstellungen, déi assuréiert goufen, schwéier chiffréieren.

**Ad 5)**

An de Prozess vun der Schoulentwécklung ginn d'Elteren am Allgemengen an an der Organisatioun vun der Prise en charge vun hire Kanner am Spezifesche mat agebonnen. Den Echange zwëschen den eenzelne Partner um lokalen Niveau, dorënner och den I-EBS, bitt der Communautéit d'Méiglechkeet, verschidden Demarchen Virgoensweisen ze diskutéieren an de beschtméiglechste Choix um Niveau vun de Mesuren ze ergräifen. Dee Moment, wou keng treffend Moossnamen um lokalen Niveau kënne fonnt respektiv ëmgesat ginn, hunn d'Léierpersonal an d'Elteren d'Méiglechkeet, um regionalen Niveau d'CI an d'ESEB ëm Rot ze froen. Doropshi gëtt eng Diagnos gemaach, an et gi Moossname proposéiert an ëmgesat, déi méi wäit féieren.

Am Fall vun engem Desaccord zwëschen den Elteren an der CI, wat d'Mesuren ubelaangt, déi vun dëser proposéiert a gegebenefalls vun der Commission médico-psycho-pédagogique nationale approuvéiert goufen, hunn d'Elteren d'Méiglechkeet, eng Demande un de Minister ze adresséieren, fir datt den Dossier reevaluéiert gëtt.

Am Fall, wou Elteren net mat de Mesuren, déi vun der Schoul ugebuede ginn, zefridde sinn, hunn si ëmmer d'Méiglechkeet, sech, nodeems si sech um Niveau vun der Schoul déi eenzel

Uspriechpartner, dorënner den Titulaire de classe, de Coordinateur de cycle an de Schoulpresident, kontaktéiert hunn, un d'Direktioun ze wenden.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse